SIDEN

Syndicat Intercommunal
de Dépollution des Eaux
résiduaires du Nord

Bleesbruck
L-9359 Bettendorf

T +352 80 28 99-1
F +352 80 28 49

Réf: Réf: DT/5_/XX26-005

# PRESSECOMMUNIQUÉ

*Bleesbréck, den14. Mäerz 2026*

No interner Iwwerpréiwung ass de Responsabele vum SIDEN den 10. Mäerz 2026 opgefall, datt et Irregularitéiten op de Bankkonte vum Ofwaassersyndikat am Mount Februar 2026 a Mäerz 2026 gi sinn.

De Bureau huet dee selwechten Dach all néideg juristesch Schrëtt ageleet fir eng administrativ a penal Prozedur ze lancéieren. D'Bankkonte goufen temporaire gespaart an d'Accèse ewechgeholl.

Direkt nom Optauche vun den Irregularitéite kruten d'Gemengendelegéierten an déi respektiv Schäfferéit aus de Membersgemengen eng Informatioun zoukomme gelooss.

E Comité d'urgence am huis clos ass haut de Moien ofgehal ginn, fir déi noutwenneg Schrëtt am Kontext vun der Weiderféierung vun de wichtegen an essentielle Missioune vum Syndikat z'assuréieren.

Den Dossier leit elo beim Procureur d'État an beim Commissaire à la Discipline fir déi noutwenneg Analysen a Suitten.

Zu gegebenem Zäitpunkt deelt de Bureau weider Elementer matt.

**De Bureau vum SIDEN:**

| President | Vize-Presidenten | Memberen |
|---|---|---|
| Fernand Mergen | Georges Majerus - Romain Schroeder | Annie Nickels-Theis – Marc Keilen |